Rapport vun der „soirée des présidents(es)

Mettwochs,den 1.März 2017

Amplaaz vum Simone Frank sin d'Astrid Kontz an d'Eliane Krier op dei interessant Versammlung gaangen.

No der Begreissung vun der Presidentin vum Conseil d'administrarion,Madame Jutta Lux-Hennecke,sin mir dann verschidden Neiegkeeten gewuer gin:

Punkt 1

-D Fapel plönnert ömt Ouschteren op Munsbach an d'Schlass,wou vill mei Reimlechkeeten zur Verfügung stinn,och fir d'Seminaren ofzehaalen.(och groussen Parking)D'Ursaach vun der Plönneraktioun ass eigentlech well d'Maison de l'orientation verkaaft gin ass!Do kommen an nächster Zukunft Wunnengen dran.

Mee d'Assemblée Générale vum 27.März ass nach op der Stäreplaatz!

-Et get e Breif un den Minister gescheckt fir mol eng eenheetlech Regelung vun den Unfankszeiten vum Cycle 1 ofzekläre.(Gemengenofhängeg ass den oblig.Start um 8h oder um 9h Mueres)

-Et get och e Breif un den Parquet de la Jeunesse gescheckt,fir genau gewuer ze gin ewei d'Placementer vun den Kanner ofleeft.Vu que de Parquet nit möndlech well äntwerten.

Punkt 2

-op lokalem an nationalem Niveau soll d'Gesetz geännert gin,wei eng national Elterenvertretung soll fonktionneieren.D' DP,LSAP an d'CSV hun d'Fapel empfangen an hinnen nogelauschtert.D'Mandatsdauer soll op 3 Joer eropgesaat gin.

Et gin och ganz vill Gesetzestexter wou d'Elteren sech wirklech zu Wuert därfen mellen an och hir Meenung soen,mee die mannst Elteren maachen daat nit;an et wär wichteg wann sie hir Ideen gengen der Fapel…matdeelen.

Et wär och ganz wichteg wann d'Lasep mei aktiv Leit hätt,die an den Gemengen Sport unbidden gengen.Event.och fir d'Maison Relais Kanner.

-D Fapel mecht een Opruff un all d'Elteren:Et gin dringend Leit gebraucht die bei hinnen matschaffen!!Och d'Presidentin hällt no engem Joer op.(Wann die eegen Kanner nit mei an d'Schoul gin,dann mussen och d'Fapel-memberen ophaalen)

Punkt 3

-Et leeft eng Pétitioun;op am Secondaire Classique am ieweschten Cycle, verschidden Fächer nit sollen och op Deitsch ungebueden gin(z.B.Biologie,Geschichte….)

-eng aaner Diskussioun war:op den Stechdatum fir d'Anschoulung vum Fondamental vun den Kanner nit soll ausgedehnt gin vum 31/8 op den 31/12? D'Elteren keinten dann flexibel wielen op hirt Kand verspillt oder nit.

-Den „comité des professeurs“ ass ofgeschaaft gin(vill Schoulen wessen daat mol nit!!)

Den **Comité des parents** an den **Comité des élèves** besteet nach.Amplaaz vum Proffencomité ass lo eng nei Sparte geschaafen gin :**conférence du Lycée.**

Dei 3 Sparten sollen elo den **Conseil d’éducation** bilden.Mee daat passt villen Leit nit,well sech och esou Leit ewei z.B.den Portier,den Kach…..an die nei geschaafen Spart kenne mellen.

-zu Esch/Alzette am Lycée Technique war een Projet mat Elterenpartneriat.Do sin Kanner betreit gin vun den Proffen an den Elteren,die een Risiko haaten schoulesch erofzerötschen.Wei et schengt war daat ganz positiv ofgelaaf.

-eng grouss Fro haat sech och gestallt:kenn den Elterencomité den Porto vun den Cotisatiounsbreiwer oder aaner Breiwer un d’Elteren,vum Lycée rembourseiert kreien??

Verschidden Elterecomitéen vun Lycéen hun nämlech 2-3 courriers pro Joer gratis.

Voilà, d’Astrid an ech hoffen datt mir d’Notizen richteg zesummengesaat hun an jiddereen versteet waat deen Owend gezielt gin ass ☺